N°3809
Entrée le 14.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 3809 vum 19. Mäerz 2026 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro no Informatiounen zum Projet vum Bau vun der Vëlospist tëscht Klengbetten an Stengefort.

<u>Fro 1: Kënnen d'Ministeren bestätegen, dass de Streckendeel vum PC12 aktuell kontaminéiert ass? Falls jo, wéi eng Moossnamen fir d'Sanéierung si virgesinn a ginn dës Moossnamen an den Ae vun de Ministeren duer, fir all Gesondheetsrisiko aus dem Wee ze raumen?</u>

Als éischt ass ze preziséieren, dass d'hëlze Schwellen, déi well zënter e puer Joerzéngten am Beräich vun der fréierer Eisebunnsstreck leien, am Kader vum Projet komplett ewechgeholl ginn. Freier sin esou Schwellen matt Kreosot behandelt gin, an duerch d'Entfernen an den approprieierten Traitement duerch eng spezialiseiert Firma gett hei eng Verbesserung vun der Situatioun errecht.

Am Virfeld vum Projet goufen all noutwendeg Buedemanalysen an Etüde vun engem spezialiséierten Etüdebüro laanscht de Verlaf vun der zukünfteger Vëlospist duerchgefouert.

D'Ëmsetzung vun den Aarbechten erfollegt am strikte Respekt vun de Conclusiounen aus deenen Etüde souwéi vun de virgeschriwwenen Oplagen an technesche Contrainten.

Op Basis vun de geplangte Moossnamen a vun den Analyse kann dovun ausgaange ginn, dass keng negativ Auswierkungen op d'Awunner·innen ze erwaarde sinn, besonnesch wat d'Oflafe vum Nidderschlagswaasser, och bei Starkreen, oder Kontaminatioun ugeet.

All néideg Precautiouns- a Schutzmoossname ginn dobäi konsequent ëmgesat.

<u>Fro 2: Kënnen d'Ministere garantéieren, dass déi scho realiséiert Viraarbechten an déi geplangten Aarbechten un der Vëlosstreck am Aklang mat de gesetzleche Bestëmmunge betreffend Buedem- a Waasserschutz sinn a sech un de Bautereglement vun der Gemeng gehale gëtt?</u>

Fir de Projet läit eng gülteg Baugeneemegung vir, déi no de gëltege gesetzleche Bestëmmungen ausgestallt gouf.

All Oplagen, déi am Kader vun der Naturschutzgeneemegung definéiert goufen, ginn integral respektéiert a konsequent ëmgesat.

Fro 3: Kënnen d'Ministèren bestätegen, dass d'Awunner:innen
- iwwer d'Aarbechten vun der Vëlospist informéiert goufen?
- Informatiounen, Pläng an Dokumenter erréischt no méi wéi engem Joer no der éischter Ufro kruten?

D'Stroossebauverwaltung huet d'Detailer vum Projet an enker Ofstëmmung mat der zoustänneger Gemeng ausgeschafft. D'Gemeng gouf och am Kader vum Projet reegelméisseg informéiert a krut all relevant Informatiounen zur Verfügung gestallt.

Am Kader vun esou engem Projet ass et awer net ëmmer méiglech, aus organisatoreschen an zäitleche Grënn all eenzel Phas am Detail mat de Bierger·innen ofzestëmmen. D'Objektiv ass awer, d'Awunner·innen fristgerecht an op eng ugepasste Manéier iwwer déi wichtegst Etappen an d'Weiderentwécklung vum Projet ze informéieren.

Zousätzlech gouf eng Vertriedung vun den direkt betraffenen Awunner·inne vun der Stroossebauverwaltung empfaangen, fir konkret Froen ze beäntweren an Erläuterungen zum Projet ze ginn.

Et sief och ze bemierken, dass all schrëftlech Ufro vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten souwéi dem Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit beäntwert gouf.

Fro 4: Kënnen d'Ministeren bestätegen, dass bei de Viraarbechten vun der Vëlospist ee Biotop zerstéiert gouf?

Am Kader vum Projet hu geschützte Biotopen – dorënner Hecken a Beem – misste fortgeholl ginn. Een Deel dovu kann duerch sougenannt *„In-Situ-Moossnamen"* direkt um Tracé nees ausgeglach ginn. De verbleiwende Verloscht u geschützte Biotope gouf iwwer d'Abezuele vun enger "taxe de remboursement" kompenséiert.

Fro 5: Goufen, virum Ufank vum Ofholze vum Biotop, Schëlder opgestallt fir de Public iwwert de Projet z'informéieren?

Hei ass op d'Äntwert op d'Froen 1, 2 an 3 ze verweisen.

Fro 6: De 15ten Oktober 2025 hunn d'Awunner:innen iwwert eng Affekotenetüd ee Recours gracieux beim Ëmweltminister ugefrot. Kann de Minister erklären firwat en, Stand haut, nach net op dësen geäntwert huet?

De Minister fir Ëmwelt huet de Recours gracieux den 11te Mäerz 2026 beäntwert.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Fro 7: Kënnen d'Ministeren ausschléissen, dass duerch de Projet d'Awunner een negativen Impakt kréie wat Héichwaasser, Kontaminatioun ugeet? Falls nee, wéi eng Moossnamen si geplangt, fir den Awunner:innen virun de méiglechen Impakter betreffend Iwwerschwemmungen a Kontaminatioun ze schützen?

Hei ass op d’Äntwert op d’Froen 1 an 2 ze verweisen.

Lëtzebuerg, den 14. Abrëll 2026

D’Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes